

OP DE PUNKT.

Dezember 2024


 VERSION
 FRANÇAISE



JOERZÉNGTE LAANG D'GEMENGE POLITIK MATGEPRÄGT

Zwee Memberen, a net déi mannst de Roland Breyer (vun 1970 bis 2023 aktiv) an de Pierre Mellina (1994 – 2024) hunn sech definitiv aus der aktiver Gemengepolitik zeréckgezunn.

De Pierre Mellina, deen 1993 eng éischte Kéier an de Gemengerot gewielt gouf, huet dräi Joerzénge d'Gemengepolitik wesentlech matbestëmmt. Sechs Joer als Conseiller an der Opposition, du véier Joer als Finanzschäffen, bis hien, nodeems de Jean-Marie Halsdorf 2004 Minister gouf, de Poste vum Buergermeeschter iwwerholl huet. En Engagement, dat e mat ganz vill Sérieux ugaangen a mat grousser Leidenschaft nogaangen ass. Et war em och ëmmer e grousst Uleies jiddereen aus der Fraktioun mat anzebezéien a Verantwortung ze iwwerdroen an dat zum Wuel vun de Bierger aus eiser Gemeng.

Iewescht Prioritéit fir de Pierre Mellina haten d'Finanzen, déi sech, wéi e roude Fuedem duerch seng politesch Karriär gezunn hunn. Et war méi wéi ee Buergermeeschterkolleeg, deen hien ëm säi Wëssen an dësem Beräich beneit an em Rot gefrot huet. Matt rouegem Gewësse kann de Pierre Mellina d'politesch Bün verlossen, well en d'Gemengeschild vu 37 Milliounen Euro op quasi null gedréckt huet. Net nëmmen an dësem Punkt huet hie fir eng integer a konsequent Politik gesuergt.



Och am TICE a beim SYVICOL, wou de Pierre Mellina Vertrieeder vun der Gemeng Péiteng war, ass gär op séi Fachwëssen zeréckgegraff ginn. Et war also net verwonnerlech, datt hien am TICE President war. Och am CIGL stoung hien un der Spëtzt, an huet soziaalt Engagement gewisen. Besonnesch gefuerdert war hien, wéi en Tornado iwwert de Kordall gefegt ass. Matt Bravour huet en och esou delikat Situatiounen zum Wuel vun de betroffenen Awunner gemeschert.

EEN AMBITIËISEN INVESTITIUNSPLANG FIR D'MANDATSPERIOD 2024 - 2029

An der Gemengerotssëtzung vum 8. Juli 2024 hunn de Buergermeeschter Jean-Marie HALSDORF an de Finanzschäffen André MARTINS DIAS dem Gemengerot den Investitiounsplang (PPI Plan pluriannuel de financement) dee vum Schäfferot preparéiert gouf fir d'Joren 2024 – 2029 virgestallt.

Dësen Investitiounsplang huet ee Gesamtvolumen vu ronn 330 Milliounen Euro, wat ronn 152 Milliounen Euro méi si wéi den Investitiounsplang vun 2018 – 2023. De Plang beinhalt eng 300 Projeten a baséiert sech op ee Finanzementsplang den an der Kontinuitéit vun enger virsiichteger Finanzpolitik gefouert gëtt, ouni iwwerdriwwen op Emprunten zeréck gräifen ze mussen. Dëst setzt viraus dass d'Evolutioun vun de lafende Käschten am ordinäre Budget muss am Aa behale ginn, fir esou déi néideg Iwwerschëss ze generéieren déi fir d'Investissementer gebraucht ginn.

Nieft dem neie Schoulcampus zu Rodange, an der Maison Relais déi aktuell an der Pierre Hamer Strooss entsteet, gëtt ënner anerem eng zousätzlech Maison Relais mat enger neier Spillschoul zu Péiteng gebaut. Ronn 35 Milliounen € si fir d'Kultur virgesi mat Projeten wéi d'Musekschoul zu Péiteng, de Musée du son zu Rolleng an d'Renovatioun vum Centre culturel zu Rodange.


Weider 28 Milliounen € si fir de Sport virgesi mat Projeten wéi d'Sportshal um neie Campus zu Rodange, nei Raimlechkeeten an der Maison intergenerationelle déi fir Kampfsportarten amenagéiert solle ginn, d'PIKO, oder och eng Enveloppe fir den eventuelle Bau vun engem neie regionalen Liichtathletikstadion. Bei der Jugend an de Senioren geet de gréissten Deel op de Bau vum Intergenerationellen

Haus, wou spéiderhin souwuel d'Jugendhaus, ewéi och de Club Senior Raimlechkeeten no beim Zentrum vu Rodange sollen hunn.

Den Amenagement vu Gemengenarchiven awer och zousätzlech Bürofläche fir d'Gemengeverwaltung si virgesinn.

Nieft den übleche Programmer fir d'Foussgängeriwergäng accessibel ze maachen, gi verschidde Stroossen zu Rodange, zu Rolleng an zu Péiteng reamenagéiert. Am Ëmweltberäich fléissen iwwert d'haltschend vum Montant a Projeten déi am Kader vum Klimapakt a vum Naturpakt realiséiert ginn. Aktuell gëtt un engem Mobilitéitskonzept geschafft, wou d'Quartiere ronderëm d'Schoule berouegt solle ginn an och den Duerchgangsverkéier an den Uertschafte reduzéiert soll ginn. Zousätzlech Parkméiglechkeete sinn och virgesinn, souwuel fir Autoen wéi fir Camionnetten. An den 3 Uertschafte gëtt um Canalisatiounsreseau geschafft. Ee gréisseren Deel vum Invest maachen d'Reewaasseraxen zu Péiteng an zu Rolleng, esou wéi och d'Ubannung vun der Fonderie un d'Klärungsanlag aus. Ronn 1,5 Milliounen € sinn hei fir Moosname géint de Schloreen virgesinn.

De PAG vun 2017 gëtt am Laf vun der Mandatsperiod op de Leescht geholl, an do wou et Sënn mësch, adaptéiert. Ronn 700.000 € si fir d'Bierger mat Subsidien a Primmen am Beräich vum Logement ze ënnerstëtzen. Sollt dësen ambitieise PPI komplett realiséiert gi bis 2029, da kënne mir Stand haut dovun ausgoen dat d'Gemeng Péiteng um Enn vun der Legislaturperiod eng Schold vun 12 Milliounen € wäert hunn. Bei der Gréisst vun der Gemeng Péiteng, wier d'pro Kapp Verschëldung em 500 €, wat eng ganz akzeptabel Gemengeschold duerstelle géif.



DE KOMITÉ VUN DER CSV GEMENG PÉITENG



YVES GOEVELINGER
Präsident



MAX MAJERUS
1. Vize-Präsident



CAROLINE FREYLINGER
2. Vize-Präsident



CLAUDE FRANKARD
3. Vize-Präsident



MIREILLE POLFER
Sekretärin



RUI MARTINS DIAS
Trésorier



JEAN-PIERRE GLOD
Member



RAYMOND MASUTTI
Member



DAVID SOARES
Member



JEAN WEILER
Member

EIS VERTRIEDER AM SCHÄFFEN- A GEMENGEROT



JEAN-MARIE HALSDORF
Buergermeeschter



ANDRÉ MARTINS DIAS
Schäffen



MARIA AGOSTINO
Schäffin



PATRICK ARENDT
Conseiller



RAYMONDE CONTER-KLEIN
Conseillère



PATRICK REMACLE
Conseiller

(1. Rei vu l. no r.) Patrick Remacle; Raymonde Conter-Klein; André Martins Dias; Yves Goevlinger; Jean-Marie Halsdorf; Maria Agostino; Patrick Arendt; Max Majerus. (2. Rei vu l. no r.) Raymond Masutti; Jean-Pierre Glod; Claude Frankard; Mireille Polfer; Jean Weiler; Rui Martins Dias; David Soares. (Net op der Foto) Caroline Freylinger



>> SUITE VUN DER TITELSÄIT

A well de Pierre Mellina e Mann vun den Zuelen ass, sief hei ernimmt, datt hien an 391 Gemengerotssätzungen zum Wuel vun de Bierger agéiert huet. Op der enger Säit huet hien seng Aufgabe ganz gewëssenhaft gemaach an anerersäits war hien och dem gesellege Liewe ganz verbonnen, sou datt hien ee gär gesinne Gaascht bei deene sëllegen Organisatioune vun de Veräiner war an och nach ëmmer ass. Dës si schwéier ze chiffréieren, ginn awer an d'Dausenden.

An der Sëtzung vum 15. Dezember 2023 huet de Gemengerot de Pierre zum Éierebuergermeeschter ernannt.

Pierre fir däin dräi Joerzëngte laangt Engagement als aktive Politiker seet d'Sektioun der e grouse Merci a wënscht der vill Satisfaktioun an dengem weidere méi rouegen awer sécher engagiertem Liewen.

Engem weidere joerzëngte laang engagiertem Parteikolleg gëllt et grad esou merci ze soen, dem Roland Breyer.

Beim Roland Breyer kann een et bal net gleewen, datt hien sech aus der aktiver Politik zeréckgezunn huet, vun der hien en halleft Joerhonnert e feste Bestanddeel war. Bei him ass grad esou een Engagement feststellen, wéi beim Pierre Mellina, an dach louchen dem Roland Breyer seng Interessen op engem ganz anere Gebidd. Hien hat sech der Kultur, dem Verkéier an den Infrastrukture verschriwwen.

E Kulturliewen ouni de Roland Breyer kann een sech bal net virstellen. Eng Kavalkad an d'Fuesent ouni de Roland Breyer och dat kann sech kaum ee virstellen. Et verwonnert duerfir och net, datt de Roland Breyer parallel zu sengem Mandat als Gemengerotsmember (déi meescht dovunner als Schäffen) och un der Spëtzt vum Syndicat d'Initiative stoung. Zweek Haiser huet hie besonnesch mat Liewe gefëllt: d'Kulturhaus „A Rousen“ an de Centre Wax.



Am rouden Haus, dat dem Wax ugegliddert ass, ass en Ënnerdag fir d'geschichtlech Memoire entstanden, eppes wat dem Roland Breyer grad esou um Häerz loung, wéi och d'Jumelagen. Hei huet hien sech an der lëscht besonnesch agesat fir eng lieweg Partnerschaft mat Schiffweiler.

Politesch hat sech der Roland Breyer och enger manner populärer Aufgab ugeholl, déi vill Asaz verlaangt huet, dofir awer vu wéineg Luef begleet war: de Stroosseverkéier an d'Stroosseninfrastrukturen. Wann et funktionéiert ass et normal, geet eppes schief, da stees de gläich an der Kritik, déi Erfahrung huet de Roland Breyer öfters gemaach a stoesch gemeeschtert. Mat Läif a Séil huet e sech am Waassersyndicat SIACH fir eng propper Kor agesat.

Zwou wieder Saachen hunn him Kappzerbrieches gemaach, an hätt e sécher gär zu engem gudden Enn bruecht: de Grand Bis zu Rodange, fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, an d'Avenue de l'Europe, déi den haitegen Erausforderunge vun engem moderne Verkéier net méi entsprécht.

An der Sëtzung vum 31. Juli 2023 huet de Gemengerot de Roland zum Éiereschäffen ernannt.

Merci Roland, fir all deng vill gutt Iddien, déi s de konnts ëmsetzen, awer och déi déi bliwwe sinn, an déi elo an dengem Sënn weidergefouert ginn.

D'CSV PÉITENG WËNSCHT IECH AN ÄRER FAMILL E GLÉCKLECHT NEIT JOER 2025

Mir invitéieren Iech häerzlech op eisen

NEIJOERSCHPATT

MËTTWOCH, DEN 8. JANUAR 2025 UM 19.30 AUER

Centre de loisirs Lamadelaine

